Amicale Elleng A.s.b.l.
Association sans but lucratif
Ierpeldéngerstrooss
L-5690 Elleng
F3851

**Bericht ausseruerdentlech Generalversammlung vum 26. Juni 2023 19h30 am Centre Martialis zu Elleng**

Présent: Raymond Goedert, Anne Faber, Marc Bichler, Jill Hoenen, Magalie Lysiak, Gérard Bichler, Jessica Sirres, Elodie Formica, Leo Schaus, Neckel Reuland, Nadine Esch, Marc Beneke, Weber Viviane, Siebenaler Lydie, Tun Coelho.

Entschëllegt: Alain Al Hindy – Procuratioun un de Raymond Goedert.

1. **Begréissung an Usprooch vum President:** De Raymond Goedert mécht déi aussergewéinlech Generalversammlung um 19h35 op a stellt fest datt dës Generalversammlung duerch eng schréftlech Invitatioun den 14. Juni 2023 mat dem Ordre du Jour vun der Ännerung vu Statuten uerdnungsgeméiss aberuff gouf. Vun den 16 aktiven Memberen sinn 15 Memberen physesch present an 1 Member huet dem Raymond Goedert eng Procuratioun ginn. Domat ass déi ausseruerdentlech Generalversammlung berechtegt déi annoncéiert Statutenännerung virzehuelen.

2. **Präsentatioun vun den Ännerungen:** De Vizepresident presentéiert d'Artikelen déi unzepassen sinn (d'Ännerungen si gréng geschriwwen):

   **Aktuell Fassung:**

   *Art. 7. De Veräin besteet aus:*

   *· aktive Memberen: am Sënn vun „Associé" nom Gesetz vum 21. Abrëll 1928,*

   *· aner physeschen a moralesche Persounen, déi de Veräin moralesch oder finanziell ënnerstëtzen.*

   **Zukünfteg Fassung:**

   *Art. 7. De Veräin besteet aus:*

   *· aktive Memberen: am Sënn vun „Associé" nom Gesetz vum 21. Abrëll 1928,*

   *· Éierememberen dat sinn all aner physesch a juristesch Persounen, déi de Veräin moralesch oder finanziell ënnerstëtzen. D'Éierememberen hunn an der Generalversammlung kee Stëmmrecht.*

   *Art. 22. D'Generalversammlung gëtt schréftlech wéinstens aacht Deeg am Viraus aberuff. Op der schréftlecher Aluedung gëtt eng Propositioun vum "Ordre du Jour" gemaach. Den Detail riicht sech no deem, wat am Gesetz vum 21. Abrëll 1928 virgesinn ass.*

*Esou wéi et am Gesetz vum 21. Abrëll 1928 iwwert „les associations et les fondations sans but lucratif“ virgesinn ass kann en Associé sech mëttelst Procuratioun duerch en aneren Associé an der Generalversammlung vertriede loossen. Kee Associé kann méi wéi 1 aneren Associéë vertrieden.*

*Jidder Propositioun, déi op mannst vun engem Fënneftel vun den Memberen, aus der aktueller Memberslëscht, ënnerschriwwen ass, kënnt op den Ordre du Jour vun der Generalversammlung.*

*Art. 23. D'Entscheedungen an der Generalversammlung gi mat der einfacher Majoritéit vun de Stëmmen geholl, et sief dann et wier vum Gesetz anescht virgesinn.*

*D'Entscheedungen an der Generalversammlung ginn an engem Delai vun 30 Deeg op der Websäit https://www.elleng.org/ publizéiert.*

3. **Diskussioun an Ofstëmmung vun den Ännerungen:** No enger kuerzer Diskussioun ginn déi dräi Ännerungen ofgestëmmt:
   D'Ännerung vum Artikel 7 gëtt mat 14 Stëmmen ugeholl – 2 Stëmmen hunn sech enthalen.
   D'Ännerungen vun den Artikelen 22 an 23 ginn mat 16 Stëmmen (eestëmmeg also) ugeholl.

4. **Schlusswuert an Zoumaache vun der Versammlung:** De Gérard Bichler weist drop hin datt niewent der Wichtegkeet vun den Statutten et d'Aktivitéiten sinn, déi e Veräin wéi d'Amicale lieweg a vital halen a mécht déi ausseruerdentlech Generalversammlung um 20h05 zou.